N°92
Entrée le 08.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Zu Rodange gëtt de Bau vun engem Jugend- a Familljenhotel geplangt. Dëse Projet stéisst op Widderstand vu Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng, well een hei op der Grenz zu engem Natura2000-Gebitt wäert eng gréisser Fläch versigelen, op Käschte vun der Natur. A menge virëge parlamentaresche Froen n°7489 & 7758 hate mir eng Rëtsch Bedenken opgeworf, déi och vu Säiten vu lokale Biergerninitiativen opgefouert goufen, notamment dass d'Etüd iwwert den Ëmweltimpakt eng Rëtsch Punkten net berécksiichtegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass den neien Ëmweltminister der Meenung, dass den Dossier fir de Bau vum Hotel komplett genuch war an huet hie keng weider Bedenken zu dësem Projet a sengem Impakt op d'Fauna a Flora?
2. Wäert den neien Ëmweltminister eng nei Ëmweltimpaktetüd ausstellen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten